

VUN NULL OP 100: DE FONS LIENERS A SENG KILOMETEREN


Laure Simon

1988 giong et lass. De Vëlosclub Bettenduerf, mat sengem President dem Pier Kries an dem Jo Stynen kouw op d'Iddi fir wandere ze goen. Si waren nach just zu e puer, an d'ei sinn och net méi vill Vëlo gefuer. Zu Fouss goen huet hinnen als d'ei logesch Suite erschéngen. Ugefangen hunn se mat 10 km an den Albert Back, deemools nach beim Militär, gouf fir seng 20 km bewonnert. Et huet hinnen awer Freed gemaach a si si viru gefuer. Konsequenterweis gouf de Vëlosclub no e puer Joer ëmgedeeft an „Wanderfrënn Bettenduerf“.

*„Ech sot zum Abbes: 20 km! Bass du geckeg?!“
(Fons Lieners)*

Laang ass et hier. An der Tëschenzäit ass de Fons Lieners, dee vun der éischter Stonn un dobäi war, hire Champion. De Fons gouf 1942 gebuer a war also schonn iwwer 40 Joer al, wéi en ugefaangen huet ze wandere. D'ei éischt 10 km sinn him schwéier gefall, mee dono giong et lues a lues biergop. Am Joer 2013 huet hie bei ongeféier 250 verschiddene Wanderungen zesumme mat senger Wanderfrëndin Laurie Hoffmann 6.466 km gemaach! An dat ass net ze packe mat de klengen Tier vun 10 km. De Fons huet vill Joeren 3 bis 4 mol am Joer Wanderunge vun 100 km gemaach.

Lass geet et owes um 9 Auer. Eng ganz Nuecht an ee ganzen Dag muss een duerchgoen, ongeféier 18 Stonne laang rengt Goen. Dertëschent gi kleng Pause gemaach fir senger mënschleche Bedürfnisser nozekommen. No ongeféier 20 Stonne kënn een dann um Zil un. Ënnerwee gëtt ee gutt versuergt mat Iessen a Gedrénks. Et kann ee souguer Ersatzkleeder a -schong op km 45 bréngen loosse. De Fons huet des Wanderungen all an der Belscht gemaach, an d'ei ware mat enger gewësser Reeszeit verbonnen. Moies doheem mam Auto fort, di ganz Nuecht an de ganzen Dag wandere, an den nächsten Owend nees heemfueren: wat fir eng Leeschtung! Hien ass all d'ei Zäit kengem anere Lëtzebuerger begéint ausser zwee Stelmes Bridder, och Wanderfrënn vu Bettenduerf, d'ei et och e puermol gepackt hunn.



„Ouni d'Laurie maache mer d'ei 100 km kee Spaass méi!“ (Fons Lieners)

De Fons huet bis den 31.12.2014 u 4.251 Märsch deelgeholl an huet bis deem Datum 90.532 offiziell Kilometer getrëppelt. Awer zënter datt seng Wanderfrëndin 2013 verongléckt ass, huet hien zeréckgeschrauft. Am Joer 2014 koumen nach just(!) 5.754 km zesummen. De Fons ass gesond a monter an huet praktesch ni seng Féiss wéi. Hien doppt sech net an ësst eng gutt Kéisschmier ier et lassgeet. Eng erstaunlech Leeschtung d'ei him hoffentlech nach laang Joere Freed mécht!